ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Oktober 2016

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Gesondheetsminister, un den Här Educatiounsminister an un den Här Héichschoulminister weiderzeleeden.

ADHS, also Opmierksamkeetsstéierung oder Hyperaktivitéit, ass eng vun den heefegsten neurologesche Stéierung bei Kanner a Jugendlecher. Hautdesdaags ginn dës Stéierungen, wann se bei jonke Kanner diagnostizéiert ginn, relativ gutt a Betruecht gezunn, esouwuel fir de medezineschen a psychologesche Volet betrëfft, wéi och an der Schoul.

Leider gëtt et awer nach vill Problemer bei jonken Erwuessenen, esouwuel wann se schonns als Kand op ADHS behandelt gi sinn, wéi och wann de Diagnostik méi spéit opgestallt ginn ass.

Dowéinst wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1) *Ass d'Madame Gesondheetsminister bereet, sech dofir anzesetzen, datt d'Hëllef déi Kanner kruten och fir déi jonk Erwuessener weider gefouert gëtt? Wa wéi, wéi eng konkret Moossname ginn do a Betruecht gezunn?*

2) *Ass d'Madame Gesondheetsminister bereet, spezifesch Behandlunge fir jugendlecher a jonk Erwuessener vun der Gesondheetskeess iwwerhuelen ze loossen, fir Medikamenter a fir déi psychologesch Behandlung, wéi z.B. en ADHS-Coach?*

3) *Ass en Här Educatiounsminister bereet, d'Hëllefe fir déi betraffenen iwwert de ganze Schoulzyklus bäizebehalen, dëst och fir Jugendlecher wou d'Diagnose relativ spéit opgestallt gëtt?*

4) *Ass en Här Héichschoulminister bereet, mat de Verantwortleche vun der Universitéit Récksprooch ze huelen, fir och Studente mat ADHS vun enger spezieller Betreiung zoukommen ze loossen, z.B. an der Rumm vun de verstännegen Amenagementer wéi se fir d'Grondschoul an de Secondaire bestëmmt sinn?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten